

An der Pédiatrie ass et jo esou, dass an der Loi de financement vun 1999 ganzer 300 Milliounen Frang virgesi waren, fir d'Pédiatrie an d'Mise en sécurité vun der Maternité. An ech menge mir sinn all averstanen, dass een domat beileiwen net vill ka verbesseren. Doderch hu mer an der neier Loi de financement 45 Milliounen Euro virgesinn, wat eis dee Moment erlaabt e ganz, ganz seriöe Projet ze maachen.

Et kann ee mer roueg d'Fro stellen, firwat huet dat dann elo dräi Joer gedauert bis mer esou wäit ware fir déi Pédiatrie effectivement ze erneieren. Dat kënn eben doduerch, well virdrun, virun 1999, absolut näischt geplangt war. Et louch absolut kee Projet vir a mir hunn op där anerer Säit - dat weess och jiddfereen - um Terrain vum CHL e gewëssene Raummangel, et muss also ganz rationell geschafft a projezéiert ginn, fir dass mer do alles ënnerdag kréien. A vun Ufank u war awer eis grouss Ambitioun fir net nëmmen d'Kannerklinik nei ze maachen, mä fir duerno och no der Mise en sécurité vun der Maternité, déi nei Maternité ze bauen an déi zwou Saache kënneen als Centre mère-enfant ze verbannen.

D'Saache sinn also ënnerwee a jiddferee weess och, dass dat grousst Stolegerüst, wat bei der Kannerklinik steet, e sougenannte provisoiresche Bau ass fir d'Kannerklinik ze ersetzen, déi Zäit wou do gebaut gëtt. A schonn eleng mat deenen Installatiounen wou mer do hunn a wou wäerten am Hierscht opgoen, sinn d'Conditions de travail scho bái wäitem besser, wat d'Infrastrukturen ubelaangt. Et ka vill méi rationell dee Moment do geschafft ginn. Well mir wëssen och, souguer wann een zéng Leit huet an et bräicht een der nëmmen aacht, déi zéng déi hënnere sech méi wann effektiv d'Surface ze vill enk ass. Hei kann also vill méi rationell geschafft ginn.

D'éinescht huet den honorabelen Här Halsdorf iwwer sougenannten Urgentiste geschwat. Et stëmmt effektivement dass där Tester gemaach ginn, mä et ass awer och esou gewiescht dass déi Tester net ganz concluant waren, dass een do op alle Fall net vill, wat d'Zäit ubelaangt, ka gewonnen. An et ass jo effectivement dee Moment esou, dass déi meescht Leit reklaméiere wéinst den Temps-d'attentes, woubai een effectivement muss, an dat huet den Här Bettendorf richtig gesot, definéiere wat als Waardezäit fir d'Leit akzeptabel ass a wat net.

Den Här Huss hat nach d'Carte sanitaire ugeschwat an ech hunn lech dorobber scho geäntwert. Wat d'Evaluatioun vun de Services d'urgence ass, sou ass dat relativ schwéier, Här Huss, wéi ech d'éinescht gesot hunn, well et schwéier ass effectivement den Tri ze maachen tëschent deenen engen an deenen aneren Urgencen an deene wat net Urgencé sinn.

Wat d'Critères de qualité ubelaangt, där hu mer bestoen, an et ass och esou dass d'UCM souguer déi récompenséiert, wou deene Critères de qualité nokommen.

Et ass finalement do och geschwat gi vun den Normen, den Normen an de Services d'accueil et d'urgence, déi am Reglement vun 1979 enthalte sinn. Mam Reglement zum Gesetz vun 1976, do muss ech awer soen, hu mer net gewaart bis haut, Här Huss.

Mir sinn elo schonn amgaang un enger Revisioun vun deem Reglement ze schaffen, an zwar dass mer kucke fir dee Moment och Normes minimales anzusetzen, souwuel wat d'Raimlechkeeten ubelaangt wéi och wat d'Personal ubelaangt. Mir kënneen awer nëmmen Normes minimales asetzen, well mer wëssen dass d'Besoinen u Personnel duerch d'Aktivitéite bestëmmt ginn. Ech sinn op alle Fall iwwerzeegt, dass, wa mer déi dote Saachen alleguerte realiséiert hunn, mer et dann hei zu Lëtze-

burg wäerte fäerdeg brénge fir de Patienten e seriöen, effikasse Service d'accueil et d'urgence offrëieren ze kënneen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Kolleegen, ier mer weiderfuere mam nächste Punkt hu mer nach eng Motioun, déi agereecht ginn ass duerch den Här Huss. Déi Motioun ass ausgedeelt ginn, et huet jiddferee se viru sech leien. Ech menge mir kéinten dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

**(Assentiment)**

**Motion 1**

Mir stëmmen dann of iwwert déi Motioun, déi den Här Huss abruecht huet.

**Vote**

Déijéineg déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 33 Nee-, 22 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Norbert Hauptert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Emile Calmes), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*S'est abstenue: Mme Mady Delvaux-Stehres.*

Elo komme mer zum nächste Punkt, dat ass de Projet de loi 4968, d'Wiener Konventioun iwwert d'Vertragsrecht. Et si schonn age droen: déi Häre Fayot a Rippinger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

## 6. 4968 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Vienne sur le droit des traités, signée à Vienne, le 23 mai 1969 et de son Annexe

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense**

**M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleien de Projet huet als Objet d'Konventioun vu Wien iwwert d'Recht vun den Traitéen, déi den 23. Mee 1969 ënnerschrifwe ginn ass, ze approvëieren.

Laut dem Artikel 37 vun eiser Verfassung muss all Traité duerch e Gesetz approvëiert an duerno publizéiert ginn. De 4. September 1969 huet eist Land dës Konven-

tioun ënnerschrifwen, déi de 27. Januar 1980 a Kraaft getratt ass. Et huet also 23 Joer gedauert ier d'Chamber mat engem Projet de loi befaasst ginn ass.

Ech kommen dann och net derlaanscht meng prinzipiell Kritik un d'Adress vun deene jeeweilege Regierungen a ganz besonnesch un déi sukzessiv Ausseministernen ze richten, wat d'Prozedur vun der Ratifikatioun vun internationale Konventiounen betrëfft. Och wann dës Konventioun sech applizéiert ouni ausdrëcklech vun deene verschidene Länner ratifizéiert ginn ze sinn, esou kann et dach net sinn, dass et méi wéi 20 Joer dauert ier dës Chamber mat engem Projet de loi saiséiert gëtt. Dëst ëmsou méi wou dëse Projet weder um Fong nach um Niveau vun der Prozedur gréisser Schwieregkeete bereet.

Ëm wat geet et elo genau an dëser Konventioun? Et geet eigentlech drëm, dass déi verschidden Normen vum internationale Recht kodifizéiert gi fir d'Rechtssécherheet ze garantéieren.

Déi ëmmer méi grouss Plaz, déi d'Traitéen am internationale Recht anhuelen, huet et noutwenneg gemaach allgemeng gültig Regeln auszuschaffen, déi sech op all Traité zwëschent de Staten applizéieren an déi sech op där anerer Säit op d'Traité bezéien, déi zwëschent de Staten an den internationalen Organisatiounen ofgeschloss ginn.

Dës Aarbecht huet sukzessiv zu zwou internationale Konventiounen gefouert. Dat éischt ass déi Konventioun vun 1969, déi mer duerch dëse Projet de loi approvëieren, an dat anert ass d'Konventioun iwwert den Droit des traités zwëschent de Staten an den internationalen Organisatiounen oder zwëschent den internationalen Organisatiounen, déi op der Konferenz zu Wien den 21. März 1986 adoptéiert ginn ass.

Wat fir en Objektiv gëtt mat dëser Codificatioun verfolgegt? Éischstens geet et hei drëm fir all international Normen ze confirméieren, mä op där anerer Säit awer och nei Normen ze kréieren. An deem Sënn ass dann och déi Notioun vu Codificatioun vum internationale Recht net an engem statesche Sënn ze verstoen, mä an engem dynameschen, deen de Motor vun der Entwëcklung vum internationale Recht soll sinn.

A sech hu sech keng wesentlech Problemer an dësem Projet de loi gestallt. Déi eenzeg Fro, déi vum Statsrot opgeworf gi war, bezitt sech op déi sougenannte Primautéit vum internationale Recht an der Hierarchie vun de juristeschen Normen. Dëse Prinzip vun der Primautéit vum internationale Recht ass bei eis an der Verfassung net festgeschriwwen, wéi dat zum Beispill am Artikel 55 vun der franséischer Verfassung de Fall ass. Dëst huet awer bis elo ni zu engem konkrete Problem gefouert, well déi lëtzebuergesch Juridictiounen an den europäesche Gerichtshaff bis elo ëmmer d'Suprémie vum internationale Recht, respektiv vum communautairé Recht par rapport zum nationale Recht unerkannt hunn. De Statsrot gesäit dofir och keng absolut Noutwendegkeet a sengem Avis fir eppes un dëser Situatioun ze änneren.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech lech ëm Är Zoustëmmung zu dësem Gesetz bieden a gläichzäiteg eis grofherzoglech Regierung invitéieren, an Zukunft net méi 23 Joer ze waarden ier mer eng international Konventioun an der Chamber duerch e Gesetz approvëieren.

Ech soen lech merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Ben Fayot.

**Discussion générale**

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, d'Konventioun vu Wien iwwert dat internationaalt Vertragsrecht aus dem Joer 1969 ass eng wichteg Konventioun. Si huet iwwergens och ouni Ratifikatioun, wéi mer gehéiert hunn, hir Wierkung voll kënneen entfalen. Dat internationaalt Recht ass nom Zweete Weltkrich entstanden, och aus dem Ongléck eraus wat dësen Zweete Weltkrich iwwert d'Natiounen bruecht huet. Déi Natiounen, déi dat internationaalt Recht mat Féiss getréppelt hunn, hunn dee Weltkrich verursaacht. Mir hoffen, Här President, dass dës Ratifikatioun vun der Wiener Konventioun e klengt Zeechen ass an enger héichgeféierlecher Zäit, fir de Krich duerch rechtlech Mëttelen an internationaalt Recht ze ersetzen. Dofir si mir selbstverständlech mat dëser Ratifikatioun d'accord.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, deem ech merci soe fir säi Rapport, huet eis ëm eis Zoustëmmung gebiede fir dëse Projet de loi ze stëmmen. Och wa mir un deenen 23 Joer ganz weínege Responsabilitéit hunn, si mer awer bereet dësen Text ze stëmmen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Madame Minister.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Här President, ech soen allen Intervenante merci fir hir Zoustëmmung zu dëser internationaler Konventioun. Wann et effektiv laang gedauert huet, huet dat jo awer am Fong näischt geännert, well d'Konventioun jo rechtskräfteg war. Et ass dofir en Akt vun héijem Symbolwäert, wann d'Chamber haut mat grousser Zoustëmmung dës Konventioun ratifizéiert. Ech wäert der groussherzoglecher Regierung dee Wunsch vun der Chamber matdeelen, dass dat an Zukunft soll méi schnell virgoen.

**M. le Président.**- Mir kommen dann elo zur Lecture vum Article unique a stëmmen iwwert de Gesetzesprojet of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Artikel 1 ass gelies an ugeholl.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4968 ass eestëmmeg ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Fred Sunnen), MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Norbert Hauptert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mmes Mady*

*Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5063, déi budgetär Upassung bei der Vergréisserung vun der Handwierkerschoul um Lampertsbierg. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Scheuer, Bettendorf an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

## 7. 5063 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée Technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et war den 21. Abrëll 1993, also quasi virun 10 Joer, wéi mer hei an der Chamber de Projet de loi 3736 relativ à l'agrandissement et à la rénovation partielle du Lycée technique des arts et métiers à Lëtzebuerg-Limpertsberg diskutéiert an ofgestëmmt hunn.

Den deemolege Projet, deen de Bau vun 28 Klassenäil, 5 Zeeche-säll, 4 Informatikssäll, 6 spezielle Säll fir praktesch Aarbechten, 2 Säll a Form vu sougenannten Amphitheateren, 2 Laboratoiren, Büro fir d'Direktioun an d'Sekretariat, e Foyer mat Videothéik, Discothéik a Projektionsraum an en Dépôt, respektiv Remise beinhalt huet, sollt deemools laut Devis 485 Milliounen kaschten. De Rapporteur vum Projet war den honorablen Här Jeannot Krecké, dee sech zesumme mat der Kommissioun am Detail mam Projet ausernaner gesat hat.

Den Neibau war esou konzipéiert, dass dat bestehend Gebai an der Rue des Cerisiers op senger Westsäit quasi doubléiert ginn ass. Esou ass dee bestehende Gank vum ale Gebai d'Achs vum renovéierte Gebai ginn. D'Aarbechte sollte fir d'Joer 1996, dat heescht fir d'Jorhonnertfeier vun där Schoul, fäerdeg sinn. Leider konnt deen Timing net agehale ginn.

Iwwert de Sënn an den Zweck vun där Vergréisserung ass net vill diskutéiert ginn. Mer waren eis deemools an der Kommissioun eens, well jiddferee war sech der Noutwendegkeet vun deem Projet bewosst, ëmmerhin ass schonn zéng Joer virdu säitens der Schouldirektioun op deen akute Platzmangel higewise ginn.

Opgrond vun engem Avis, dee vun de Professeurs-ingénieurs aus der Schoul erstallt gi war, hunn d'Diskussiounen sech méi konzentréiert op d'Bauweis an op ekologesch Baumaterialien an energiespue-rend Technologien, déi zur Uwendung sollte kommen.

Vu déi deels ënnerschiedlech Usiichte vun den Theoretiker aus der Schoul an de Praktiker aus der Bauteverwaltung ass et zu ganz uvereegten Diskussiounen komm, opgrond vun deenen d'Bauteverwaltung bereet war Kompromisser anzegoen, déi schlussendlech der Kommissioun wéi och de concernéierte Parteie Satisfactioun ginn hunn.



Esou detailléiert Diskussiounen sinn am Fong geholl net üblech an der Kommissioun gefouert ze ginn, waren awer sënnvoll, éischstens well et sech ëm den Embau vun enger technescher Schoul gedréint huet, déi eng Sektoun vum Baufach beinhaltet huet - wat zwar deemnächst eriwuer ass, well déi Sektoun op Mamer an de Lycée technique Josy Barthel verluecht gëtt - a well d'Schüler vun där Sektoun mat um Oflaf vum Bau bedeelegt sollte ginn, fir esou praktesch Erfahrung sammelen ze kënnen.

Esou wäit zur Virgeschicht an zu den Diskussiounen, déi 1993 gefouert si ginn. Et waren déi Diskussiounen, déi nëtzlech waren, hu se dach den Ustouss gi fir nei, méi ëmweltbewosst Weeër am öffentleche Bauwiesen anzeschloen.

Dëst war och d'Meenung vum Willy Bourg. Erlaabt mer dofir, Här President, e puer Wieder anzeflechten, déi eise verstuerwene Kolleg Willy Bourg zum Schluss vu senger Interventioun als Fraktiounssprecher 1993 zu deemem Projet gesot huet: „Et wär ze hoffen, dass an der Zukunft an där Kommissioun esou weider géng geschafft ginn. Et wär ze hoffen, dass an der Zukunft d'Vertrieder vum Bauteministère vläicht nach e bësse méi innovativ op deem Gebitt kéinte schaffen. Als fréieren Directeur-adjoint vun där Schoul hunn ech selwer an där Extensioun ëmmer matgeplangt. Ech ka meng Freed net verstoppen, dass et endlech eescht gëtt, dass d'Schoul endlech déi noutwendeg Raimlechkeeten an Infrastruktur kritt, déi se schonns laang verdéngt huet. Meng Fraktioun steet voll hannert deemem Projet.“

Ware mer als deemoleg Bautekommissioun an och als Chamber der Meenung, dee Projet kéint ouni Problemer duerchgezu ginn - mir haten eis jo esou vill dermat beschäftigt -, esou si mer dach e puer Joer drop eppes Besseres beléiert ginn.

Während den Aarbechte si Problemer opgetaucht. Ënner anerem si véier Firme Faillite gaangen, wat zu enorme Retarden an der Exekutioun an zu supplementären Ausgabe gefouert huet. Zousätzlech ass festgestallt ginn, dass d'Drofäegkeet vun den Dallen aus dem bestehende Gebai aus de 50er Joren net méi garantéiert war. D'Expertisen iwwert d'Statik vun deenen Dallé waren esou katastrofal, dass kee méi d'Responsabilitéit iwwer eng weider Benotzung vun deene Raimlechkeete wollt a konnt huelen.

En Zousazprojet ass 1997 der Chamber virgeluecht ginn. Louch den Haaptaktent vum Projet op der Erneuerung vun den Dallen, esou huet dat dach eng ganz Rei aner Transformatiounen mat sech bruecht. Am ale Gebai huet missen den Daach erneiert ginn, nei elektresch a sanitär Leitungen hu misse verluecht ginn, nei Chappen a falsch Biedem hu missen hiergestallt ginn an d'Fassad huet deels missen erneiert ginn. Dëst alles huet, zesumme mat allen anere scho bekannte Mësselen, den urspringlechen Devis vu 485 op 610 Milliounen eropgeschrauft.

Als Bautekommissioun hu mer 1997 eng Visite des lieux um Chantier gemaach. Mir goufen do vun all deem an d'Bild gesat wat während den urspringlechen Aarbechte schief gelaf ass, vum Mangel u Surveillance iwwer Noléissegkeeten a Faillitë vun Handwierkerfirmen. Des Weideren huet den Dialog tëscht de Schüler, Professeren a Responsabelen um Chantier net esou geklappt wéi et virprogramméiert war. Trotz allem konnte mer eis awer vergewësseren, dass d'Aarbechten am neie Fligel esou wäit ofgeschlossen waren, an dat zur Zefriddenheet vun de Schoulersponsabelen. Mat den Demolitionsaarbechten am ale Gebai war schonns ugefaange ginn.

Den Devis supplémentaire ass eestëmmege hei am Plenum gestëmmt

ginn an domat hat dann all Mënsch gemengt, de Projet kéint ouni Problem zu Enn bruecht ginn. Dass mer eis elo nach eng Kéier mat demem Projet befaasse mussen ass bal, wéi d'Madame Marie-Josée Jacobs géif soen, e stareckt Stéck.

Firwat de Projet vun haut?

D'Ofrechnungen vun deenen eenzelne Corps de métiers hunn erginn, dass deen duerch d'Parlament genehmegte Montant vu 610 Milliounen Frang wesentlech iwwerschrafft géif ginn an zwar ëm 3.100.000 Euro oder ëm 124 Milliounen al Frangen. Et geet elo drëm deesen zousätzlechen Dépassement vun 3.100.000 Euro par rapport zum viregten Devis supplémentaire ze regulariséieren an esou mam Kontabilitéits- a Budgetgesetz vum Stat an Aklang ze sinn.

D'Aarbechte vum Embau ware schonn am Joer 1998/99 ofgeschloss gewiescht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

Firwat dës Dépassementer elo?

Beim Embau vu bestehende Gebaier weess een ni, wat ee vun Iwwerraschungen erliewe kann. An deemem Fall huet nach zousätzlech de Problem bestanen, dass d'Aarbechte während de Schoulzäiten hu missen exekutéiert ginn. Fir iwwerméissege Kaméidi ze vermeiden a fir méi schnell virun ze kommen, sinn dofir déi al Dallen, anstatt se mam Lofthammer kleng ze maachen, duerchgeséit ginn. Eng bestehend Trap huet missen op Avis vum Service sécurité dans les écoles während der Vakanz erausgerappt an nei opgebaut ginn. Säitens der Direktioun vun der Schoul ass constatéiert ginn, dass ongenügend Sanitäranlage géife bestoen, also sinn aler, déi hors service waren, erëm komplett erneiert ginn. Eng Anlag fir preventive Brandschutz an e Brandschutzcompartmentage sinn zousätzlech ageriicht ginn. De Carrelage am ale Gebai huet misse quasi vollstänneg erneiert ginn an esou weider.

Zousätzlech sinn am Laf vun den Aarbechten, an dat kënn bal ëmmer vir wann d'Aarbechte sech iwwer esou e laangen Zäitraum hinzeien, dass nei Ufuerderungen un de Bauhär gestallt ginn. Duerch d'Emännerung säitens der Stad Lëtzebuerg vun der Rue des Cerisiers an der Rue Guillaume Schneider an eng Zone à faible circulation, huet de Busarrët missen ëmgeännert ginn. Och huet den Uschloss un d'Cogénérationssanlag vun der Stad Lëtzebuerg, déi an den alen Halen an der Victor Hugo Strooss ageriicht ass, wéinst Verännerungen um Leitungstracé ëmgeännert misse ginn.

Fir manner Gefäll an de Schoulhaff ze kréien, sinn dräi Gradinen am Haff aménagéiert ginn, fir esou déi Fläche besser och als Sportinfrastrukture kënnen ze notzen. Déi al Ateliere fir d'Formation pratique am Génie civil sinn ëmgeännert ginn. Doranner sinn zwee Klassesäll an och eng Salle de musculation mat Vestiaires ageriicht ginn. Bestëmmt wichteg am Hibleck op PISA.

#### (Interruption)

Dat ass fir d'Gehier ze trainéieren, dee Musculatiounssall!

Fiichtegkeetsproblemer sinn am Sous-sol entdeckt ginn an hu misse behuewe ginn, wat d'Verleë vun neien Ofschlossleitungen bedéngt huet. Am Keller sinn och nach zousätzlech Brandschutzmesurë getraff ginn. Des Weideren ass festgestallt ginn, dass deen ale Monte-charge aus de 50er Joren net méi den heitege Bedingungen géng entsprechen, an dofir ass en handicapéiertegerechte Lift agebaut ginn, deen all Etagen desserveiert. Eng gutt Saach, op déi ech besonnesch am europäesche Joer vun de Personnes avec handicap wëll hiweisen.

Fir weider Detailer verweisen ech op den Exposé des motifs.

Et gëtt also genuch Ursache fir den Dépassement vum Devis ze rechtfertigen. Dese Projet huet erëm bewisen, dass et ëmmer problematesch ass un al Strukturen änneren ze goen. Aner Beispiller sinn de Lycée de garçons hei an der Stad, de Lycée vun Dikrech, fir nëmmen déi zwee ze nennen, wou et iwwerall zu Dépassementer komm ass.

Als Rapporteur an am Numm vun der Bautekommissioun wollt ech awer soen, dass mer an der Zukunft wierklech drop hale fir am Virfeld vun esou engem Projet, wéi deem vun haut, iwwert d'Problemer um Bau a besonnesch iwwer Programmännerungen informéiert ze ginn.

Bei der Realisatioun vu Projekte kann et ëmmer zu Problemer kommen. Och muss een iwwert dem Bauen, als Bauhär, Architekt oder Ingenieur sech kënnen korrigéieren wann ee feststellt, dass ee schlecht oder net genuch am Detail geplangt hat. Dofir musse mir als Parlament Versteesdemech opbréngen, genau esou musse mer awer Opklärung erwaarden an dat net, wéi an deemem Fall, e puer Joer nodeems de Bau fäerdeg ass.

Der Madame Bauteministesch ass keng Schuldzuweisung ze maachen. Et wier een Affront vis-à-vis vun hier, well de Projet vun der Extensioun vum Lycée technique des Arts et Métiers ass ganz an der viregter Legislaturperiod realiséiert ginn.

Och der Kommissioun a speziell dem Rapporteur vum éischte Projet, dem honorabelen Här Jeannot Krecké, ass kee Reproche ze maachen, au contraire. Hien hat beim éischte Projet vill a gutt Aarbecht gemaach an dach kout et, et ass bal net ze gleewen, zu Dépassementer. Dofir bieten ech hien, Virsiicht walten ze loosson an der Budgetskontrollkommissioun wann iwwert d'Aarbecht vun anere Kommissiounen rieds geet a sech net zu Aussoen hiräissen ze loosson, déi absolut net richtig an doduerch iwwerflësseg sinn.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech gleewen net, dass se iwwerflësseg sinn.

■ M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëll ech soen, och wa viles während dem Oflaf vun deem Chantier net riicht gelaf ass, dass d'Resultat vum Gesamtprojet sech awer weise léisst. Et ass e modernt a funktionellt Gebai entstanden, wat den Ufuerderungen, besonnesch am Informatikberäich, vun enger moderner technescher Schoul gerecht gëtt. Ech bieten lech och deemem Projet de loi relatif à l'adoption budgétaire du projet d'extension du Lycée technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg, wéi deenen zwee viregte Projeten am Zesummenhank mat deem Gebai, eng grouss Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Här Jeannot Krecké.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech wollt dem Här Strotz trotzdeem soen, wann et Explikatiounen gi fir Dépassementer, da war ech nach ëmmer op fir esou eppes, wann ech mech gutt kann erënneren. Do wou ech drop gehalen hunn, dat ass dass et eng ordentlech Prozedur géng ginn, fir dass déi Dépassementer vum Parlament kënnen genehmegt ginn. Dorops hunn ech ëmmer Suergfalt geluecht. Ech hunn éischstens gekuckt dass et net dozou koum, a wann et dozou komm ass, mat gudde Grënn, wéi

Dir se elo explizéiert hutt, da soll d'Parlament dofir konsultéiert ginn. Méi hunn ech net gefrot an dat maache mer haut an dobäi bleiwen ech och.

#### (Interruptions diverses)

■ M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.- Déi nächste Kéier maache mer et wéi beim Rapport iwwert den Zousazprojet vun der Coque, wou säitens der Budgetskontrollkommissioun der Bautekommissioun Reproché gemaach gi sinn, si hätt dee Projet net richtig analyséiert, an dorobber wollt ech hei hiweisen. Esou wéi Dir deemools, hat och déi Kéier d'Bautekommissioun hir Aarbecht gemaach.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir hutt d'Parkingen net mat agerechent, dat war richtig.

■ M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

#### Discussion générale

■ M. Nico Loes (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken de Rapporteur, den honorabelen Här Strotz, huet eis en ausféierleche schrëfflechen an och mëndleche Rapport hei ofgelievert. Dofir soen ech him am Numm vu menger Fraktioun merci fir seng Aarbecht. Deem Rapport ass och net vill bäizefügen, well den Här Strotz huet eis ganz detailléiert d'Historik vun deem Projet duergeluecht.

Ech wëllt dofir awer dann, ob schonn datt et e Bauteprojet ass, e puer prinzipiell Iwwerleeungen zu dem Thema vun Ausbildung an Handwierk maachen. Ech fannen, datt dese virleierende Projet, dee jo déi sougenannten Handwierkerschoul ass, oder Lycée technique des Arts et Métiers, e gudden Ophanker ass fir dat ze maachen.

Här President, d'Zuel vun de Schüler am Enseignement secondaire technique geet stänneg an d'Luucht, an dofir geet et net nëmmen drëm fir den Ausbau vu bestehenden Infrastrukturen ze maachen, mä och ëm d'Schafung vu ganz neie Lycéeën. De Plan sectoriel Lycées ass jo rezenteweis an dräi Kommissiounen virgestallt ginn, an do freet et och mech dann och besonnesch, datt de Lycée technique zu Réiden deemnächst op de parlamentareschen Instanzeweeg gesat gëtt. Et handelt sech jo hei ëm e Lycée, wou och den techneschen Unterrecht dann ausgeriicht gëtt.

Mat dem leschtgenannte Projet, wéi och dee Projet iwwert d'Extensioun vum Lycée technique du Centre zur Dummeldeng, wéi och deem virleierende Projet kënn also weider Bewegung an d'Problematik vun deenen dréngend noutwendeg Schoulinfrastrukturen, an dofir sinn ech och frou datt d'Bauteministesch do wierklech Gas gëtt, datt mer dann déi Lacunen och kënnen ausfëllen, déi nach bestinn.

An deemem Kontext denken ech och, datt et sënnvoll ass eis technesch gutt Equipement an Infrastrukturen de Schüler zur Verfügung ze stellen, déi dann op der Héicht vun der Zäit musse sinn. Mä doniewent musse mer eis och mat e puer inhaltleche Froe beschäftigen iwwert den Enseignement, speziell an der Handwierkerschoul, an iwwert de Stellewaert vum Handwierk an der Lëtzeburger Wirtschaft.

Et ass haut kee Geheimnis méi, datt sech ëmmer manner Schüler a virun allem Lëtzeburger Schüler fir d'Handwierk décidéieren. Wann dëst awer de Fall ass, da versichen der ganz vill fir bei de Gemengen a beim Stat ënnerdaach ze kommen, ouni an e Betrib schaffen ze goen oder sech eventuell selbststänneg ze maachen. Mir mussen eis awer an Erënnerung rufen, datt mir haut an deene 4.300 Betriber a Sociétéiten eng ronn 54.000 Beschäftegter

hunn, an déi droen 23% zum nationale PIB bäi. Dës Betriber hunn haut hir Schwéierpunkter am Bau, am Wunnungssektor mat ronn 2.000 Betriber, gefollegt vun den Entreprises, déi sech an der Liebensmittelbranche, der Santé an der Hygiène an an der Mécanique spezialiséiert hunn.

Iwwert den ekonomeschen a sozialen Aspekt eraus leescht dese Secteur e wichtege Beitrag fir de sozialen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft duerch d'Intégratioun vun auslännesche Matbierger.

Dee Secteur ass och e wichtege Bausteen am sozio-ekonomesche Geflecht vun der Groussregioun, mat der Villzuel vun Aarbechter aus dem Grenzgebitt, déi bei eis schaffen kommen.

E Bléck op d'Statistik beleet doriwwer eraus, datt d'Beschäftegung am Handwierk säit de 70er Jore stänneg an d'Luucht gaangen ass. Opfälleg bei deser Entwécklung ass d'Tatsaach, datt vill Ausländer bei dese Betriber beschäftigt sinn an datt d'Zuel vun de Lëtzebuerger, déi géigewäerteg bei 9.500 läit, an deene leschte Jore stagnéiert.

Schlussfolgernd kann een also soen, datt de proportionellen Undeel vun de Lëtzebuerger am Handwierk ëmmer méi erofgeet. An der Moyenne kommen all Joer eng ronn 200 Handwerksbetriber bäi, déi no engem Joer en Taux de survie vun 92%, no dräi Joer vun 78% an no fënnf Joer ëm 70% hunn. Ech hat lech dat jo virdru gesot, Här Bausch, ech wollt e puer prinzipiell Iwwerleeungen iwwert d'Handwierk soen, well den Här Strotz de Projet jo vun dem Baulechen hier duergestallt huet, an dofir wollt ech och e puer Iwwerleeungen dann heizou maachen.

Ech brauch dofir net ze ënnersträiche wéi wichteg datt d'Handwierk fir eis wirtschaftlech Struktur ass. Deem musse mer an deene kommende Joren och Rechnung droen, wa mer weiderhi wëllen e performanten Handwerkssektor hunn. Schonn elo leescht de Stat wäertvoll Hëllef bei der Betriebsgrënnung an eis Fraktioun hofft an deem Kontext, datt och d'Aarbechte vum Mittelstandsmember Fernand Boden zur Reform vun der Loi cadre an deenen nächste Wochen a Méint hei zu hirem Schloss kommen. Ech denken, datt dat sécherlech eng Signalwirkung hätt am Kontext vun der géigewäerteger wirtschaftlecher Lag.

D'Ausbildung spillt ouni Zweifel eng wichteg Roll fir d'Handwierk, mä och d'Aussichten op en adäquate Loun si ganz wichteg. Mir mussen de Schüler, déi sech an de kommende Jore verstärkt fir d'Handwierk interesséieren, an dat ass och eis Missioun, niewent den Infrastrukturen, déi mer zur Verfügung stellen, weisen iwwert de Wee vun enger Meeschterprüfung, datt si och kënnen am Handwierk hire Mann respektiv hir Fra stellen.

Am Kontext vun deene rezenten Zuelen um Aarbechtsmaart, ass dëst sécherlech keng einfach Saach fir eis Jugend méi fir d'Handwierk ze begeeschten, wann een a Betruecht zitt datt rezenteweis virun allem am Secteur vun der Industrie e Réckgang vu bal 400 Aarbechtsplaze während deenen néng éischte Méint vun 2002 komm ass. Et ass deemno ganz wichteg eis Schüler weider fir déi handwierklech Beruffer ze begeeschten an hinnen ze vermëttelen, datt hire spéidere Beruff eng Zukunft huet.

Wann een d'Zuelen aus dem Enseignement secondaire ukuckt, da kann een dach lichten Optimismus un den Dag leeën, well d'Zuel vun de Schüler, déi haut am Technique sinn, ass an deene leschte Joren zënter 1992 stänneg an d'Luucht gaangen a läit haut bei ronn 22.000.

Här President, ech denken, datt et vläicht och eng Kéier sënnvoll wier hei an der Chamber oder an dee-



nen zoustännege Kommissiounen iwwert d'Handwierk ze schwätzen an och eng Kéier d'Ausbildung ze belichten, speziell déi an der Handwierkerschoul, déi mer elo wierklech infrastrukturell op de Point gesat hunn, an datt mer eis do eng Kéier Gedanken driwwer maachen. Mat dëser Proposition schléissen ech meng Interventioun of a gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun, zu deem Projet.

Merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

**M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech verbäisse mer dann elo d'Loscht fir en Iwwerbléck iwwert de Stand vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg ze ginn, wéi den Här Loes dat gemaach huet, an ech wäert mech kuerz faassen, éischstens aus gesondheetleche Grënn, zweetens well ech och wierklech fannen datt de Rapport vum Här Strotz gutt ass, esouwuel de schréfftleche wéi och de mëndlechen. Ech wëll dat net widerhuele wat e gesot huet. En ass jo zrëckgaangen an d'Geschicht an en huet déi Geschicht opgeschafft bis d'Joer 1998 an doriwwer eraus bis zur Coque, déi um Kierchbiereg gebaut ginn ass, a wäit iwwert dee Projet ass en och nach erausgaangen a sengem mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz huet eng Virgeschicht an a Wierklechkeet ass dat hei e Gesetz wat mer ex post stëmmen. Dat ass schonn eppes aussergewöhnlech, an zwar mat engem Retard vu Minimum véier Joer. Dat hat ech menges Wëssens no nach net gehat bei engem Bauprojet. Et ass dat drëtt Gesetz wat iwwert d'Handwierkerschoul gestëmmt gëtt. 1993 hu mer dat Gesetz gemaach. Den Här Krecké war deemools Rapporteur an ech sinn iwwerzeegt dervun, obsonn ech mech net méi esou erënnere kann, mä ech kennen e gutt, datt e schonn deemools a senger weiser Viraussicht wosst, mir waren op der Plaz, datt et net bei deem Budget bleiwe konnt, deen deemools virgesi war.

Et huet net laang gedauert, 1997 hu mer dat zweet Gesetz gestëmmt an do stounge mer op der Plaz a mer hunn an déi Lächer gekuckt, déi am sougenannte Betong waren, a mer hu festgestallt datt alles, wat an de 50er Jore gebaut gi war, vun esou enger schlechter Qualitéit war, datt et net droe konnt.

Do hunn ech dann natierlech, deemools schonn, d'Fro gestallt, déi ech och haut stellen: War et net am Joer 1992 virauszegesinn, datt dee Betong an deem Zoustand war? Dorophin hu mer keng Äntwert kritt. Fait ass awer, datt déi Analyse mat enger relativ grousser Verspéidung gemaach gi sinn an datt also d'Programmation vun deem Bau am Joer 1992/1993 net optimal gelaf ass. 1997 war kee verwonnert wéi mer dunn nogestëmmt hunn, an ech mengen et ass och haut kee verwonnert, datt mer nach eng Kéier 3.100.000 Euro nostëmmen, déi awer scho längst ausgi sinn, dat heescht mir maachen am Fong just eng Aktioun fir d'Kontabilitéit à jour ze setzen.

Uschléissend un déi schlecht Baubsubstanz, vun där ee sech wierklech iwwerzeege konnt, sinn natierlech Impondérables dobäi komm: Failliten, et si Regieaarbechten dobäi komm déi net virgesi waren, an op där doter Plaz och nach Sécherheetsaarbechten, déi waren awer och schonn deemools ugekënnegt ginn an et ass och schonn 1993 dervu geschwat ginn, datt den öffentliche Verkéier op där doter Plaz net kënnt esou bleiwe wéi en deemools war.

Ech wëll elo mat engem Zitat ofschléissen. Dat ass dann d'Zitat

aus dem 6. Kapitel vum Här Strotz sengem Rapport, dat kléngt esou e bësschen...

**(Interruptions)**

Jo, dat kléngt esou e bëssche wéi wann een de Magnifikat geholl hätt an d'sechst Kapitel, e bësschen d'Bibel, an et ass och esou formuléiert: „La Commission souhaite toutefois à l'avenir, que tout dépassement de vie et tout changement de programme soit soumis au préalable à la commission des travaux publics.“

Dat ass e fromme Wonsch, deem schléisst eis Fraktioun sech nëmmen un. Fait ass, datt mer elo do fir de Moment e gudden Projet hunn, datt d'Handwierkerschoul gutt ënnerdaach bruecht ass an datt dat Bescht aus deem ale Gebai gemaach ginn ass, wat ee konnt maachen.

Domadder iwwerbréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**(Interruptions)**

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem President-Rapporteur Néckel Strotz wierklech e grouss Merci soe fir säin excellent schréfftlechen a mëndleche Rapport. An ech schécken och direkt viraus, datt eis Fraktioun, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, dëse Projet wäert à l'unanimité stëmmen.

Ech kommen awer net derlaanscht e puer Remarquen ze maachen. Éischt Remarque. Déi heiteg Bauteministesch an déi heiteg Unterrichtsministesch, déi sinn net dofir verantwortlech, well haut mussen 3,1 Milliounen Euro nogestëmmt ginn.

**Une voix.** - Si ass onschëlleg.

**(Hilarité)**

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Ganz onschëlleg.

**Une voix.** - Ganz onschëlleg.

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Zweet Remarque. D'Gebai ass zënter bal fënnef Joer fäerdeg, an da stëmme mir haut e Gesetz, en Zousazkredit. Firwat, muss ech lech wierklech froen. Wat soll dat? De Projet vum 27. Mee 1993 war deemools 12 Milliounen Euro, de 5. Juni 1997 war en dann op 15,1 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen, 1998/1999 war d'Gebai fäerdeg an haut stëmme mir en Zousazkredit vun 3,1 Milliounen Euro.

Ech hat an eiser Kommissioun gefrot, ob eventuell Handwierksleit net bezuelt gi wieren, well jo kee Kredit do war. Ech gouf awer berouegt, si wieren alleguerte bezuelt ginn, si hätten alleguerte hir Sue kritt. Da froen ech mech: Firwat brauche mer haut nach dëst Gesetz, en Zousazkredit?

Mir gouf gesot, d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, hätt dëst Gesetz gefrot fir d'Kontabilitéit an d'Rei ze setzen. C'est de l'art pour l'art. Fir näischt stëmme mir dëst Gesetz. D'Regierung huet missen e Projet de loi ausschaffen. Et hu missen Avisé geholl gi beim Conseil d'Etat. Eis Kommissioun gouf domat befaasst, a mer schwätzen haut an der Chamber doriwwer, fir eppes wat wierklech näischt op sech huet.

Ech stellen der Kommissioun vum Här Jeannot Krecké d'Fro, ob et net duergaange wier, wa se eis e Rapport gemaach hätten an der Chamber gesot hätten, dass 1998/1999 d'Konten e bësschen - fir et emol léif auszedrécken - gerëselt gi sinn, an d'Rei bruecht gi sinn, fir dass d'Handwierksleit och konnten alleguerte bezuelt ginn, an dass et no baussen net soll duerchdréngen, dass et mat deem Zousazkre-

dit vun 1997 nach eng Kéier net géif duergoen. Esou gesäit dat hei sech un, wa mer hei e Gesetz stëmme fir 3 Milliounen Euro, wou schonn alles bezuelt ass.

Ech muss lech soen, an de Gemenge fonctionnéiert dat do guer net. An de Mengungen, do ass de Receveur haftbar mat sengem eegene Verméigen, wann hie Sue bezilt déi net vum Gemengerot genehmet gi sinn a vum Ministère de tutelle och nach approuvéiert gi sinn. Da froen ech mech natierlech: Wéi hu mer dann deemools d'Konten gerëselt, dass mer d'Leit dunn alleguerte konnte bezuelen, ouni dass mer deen Zousazkredit, dee mer haut hei stëmmen a wou jidderee bezuelt ass, haten?

**(Interruption)**

Ech wollt lech soen, ech krut an eiser Kommissioun erkläert, dass dëse Projet wichteg wier fir d'Kontabilitéit an d'Rei ze bréngen, dass d'Bauteministesch awer och guer net dofir kënnt, dass keen dofir kënnt, dass mer den Zousazkredit ebe brauchen. De Rapporteur huet eis wierklech excellent duergeluecht, dass all déi Aarbechten hu misse gemaach ginn, dass se hu misse réaliséiert ginn, an den Här Scheuer huet eis gesot dass mer haut en excellenten Outil de travail do stoen hunn, mat deem mer alleguerte zefridde sinn, dass mer haut eng gutt Schoul do hunn an dofir, ech hunn et aganks gesot, eis Fraktioun stëmmt geschlossen dëse Projet de loi.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou wéi mer dat bei deem viregte Bauteminister gewinnt sinn, stëmme mer haut den Devis supplémentaire vun Devis supplémentaire. Dat hu mer leider an der Vergaangenheet vill ze vill oft misse matmaachen. Dat stellt d'Chamber ëmmer virun déi Situation, datt se d'Impressioun huet, wéi mäi Virgänger et elo richteg ervirgestrach huet, datt et ganz oft Moutarde après dîner ass. Mä et ass awer och d'Geleeënheet fir d'Responsabilité politique festzelleen, iwwert déi Aart a Weis wéi hei mat öffentleche Gelder gefuer gëtt.

Mir gesinn datt mer haut en Devis supplémentaire vun 3,1 Milliounen Euro, oder 25% par rapport zu deem viregten Devis, musse stëmmen. Dat ass gehéireg. Déi ganz Prozedur weist, datt den Investitionsprogramm, déi ganz Devisen-Opstellung op allen Hisiichte schlecht wor, a mir mussen eis do eng aner Prozedur ginn.

Mir mengen, oder ech mengen, datt et wichteg wier wann een de System géif iwwerhuelen, dee bei de Gemenge besteet. Dat ass, datt ee fir d'éischt en Avant-projet sommaire mécht, wou d'Chamber sech ausschwätzt iwwert de Programm dee se wëllt baue loossen an iwwert ongeféier en Devis. An datt deen Ablack d'Expäre vun der Regierung higin an den Devis sou detailléiert maachen, en vue vun dem Programm dee vun der Chamber gestëmmt ginn ass, eventuell verschidde Rectificatiounen an Etüden nach maache loossen, mat engem effektiven Devis nach eng Kéier virun d'Chamber kënnt, fir dann deen Ablack kënne méi no un de reelle Käschtepunkt erun ze kommen.

Et ass verständlech, datt et ëmmer verschidde Surprisé ginn, dat ass inévitable. Mä wann ee sou fiert, wéi mir et augenblécklech an der

Prozedur virgeschriwwen hunn, wou just nëmmen den Devis kënnt, da gëtt dat villeg méi schwéier, fir direkt richteg ze leien, mä hei huet een awer och nach heiansdo d'Impressioun, datt dee viregte Bauteminister dës Prozedur délibérément gemaach huet. Et ass dat, wat grave ass, wann ee gesäit wéi dat leite gemaach ginn ass a wéi wierklech op eng criant Aart a Weis den Dépassement vun den Devisé muss festgestallt ginn.

Mir gesinn och, datt zwee Problemer opgetaucht si fir déi manifestement kee kann, mä wou et awer verschidde Responsabilitéite gëtt. Dat ass, datt véier Gesellschaften a Faillite komm sinn an datt d'Programmer geännert hunn.

Ech wëll do u meng Proposition de loi erënneren, wou ech gesot hunn datt et gutt wier, wa mer eng Assurance générale géife fir all d'Gebäilechkeete virgesinn. Déi géif éischdens duerfir garantéieren, wann e Betrib a Faillite kënnt, deen Ablack de Bau ka fäerdeg gemaach ginn, a wa Responsabilitéite festgeluecht ginn oder Feeler festgehalen ginn, datt deen Ablack fir d'éischt reparéiert gëtt iwwert de Wee vun der Assurance, ier Responsabilitéite gesicht ginn. Dat hätt munches hei, och um finanzielle Gebitt, anescht gemaach.

Wuerfir? Well déi Assurance, déi dat bezuele muss, déi kuckt natierlech och de Bau no, ob dat richteg gemaach ginn ass an ob den Devis richteg ass. Mir gesinn, dass dat a Frankräich zu ganz ville Facilitéte gefouert huet an datt de Käschtepunkt dovunner ganz niddreg ass: 0,10% vum Bau, dat souwuel bei Privatleit wéi bei Entreprises, hei beim Stat a bei de Mengungen.

Ech mengen et wier richteg, wann ee sech déi Iddi nach eng Kéier géif iwwerleeen. Mir wäerte bei dem Débat iwwert de Logement vläicht nach eng Kéier dorobber zrëckkommen, mä ons schéngt et awer wichteg, datt een hei op nei Weeër geet fir méi Partenaires an d'Responsabilitéit ze huelen a fir dës onméiglech Situatioun, mat där d'Chamber haut konfrontéiert ginn ass, an Zukunft ze verhënneren.

Dat gesot, wollt ech soen, datt d'ADR-Fraktioun awer hiren Accord hei gëtt, quitte datt mer bedauern datt et Moutarde après dîner ass.

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo nach den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa schonn een ufängt d'Aart a Weis a Fro ze stelle wéi mer elo virginn - dat ass jo keng Iwwerraschung -, da muss ech awer zwee Wuert Explicatioun dozou ginn.

D'Kollegen aus der Travaux-publics-Kommissioun mat hirem President menge jo och ëmmer, si misste sech un eis reiwen. Dat ass mëttlerweil e bëssen zum Sport ausgeart. Ech hu kee Problem domadder, mä ech wëll hinnen an Erënnerung ruffen, dass de Fait, dass mer elo esou Prozedure wéi déi heiten hunn, an de Fait, dass mer manner Dépassementer an Zukunft wäerten hunn - dat ginn ech lech schréfflech op eng Salztut -, deen ass trotzdeem zu engem Deel dorop zrëckzeféieren, dass mer haut eppes hu wat mer net haten an deene Jore virun, nämlech eng Kommissioun déi sech eleng mat der Exekutioun vum Budget emol ofgëtt.

Ech mengen déi meescht vun eise Kommissiounen waren einfach beschäftegt fir d'Projeten, déi do louchen, déi vun der Regierung oder vun den Deputéierte proposéiert gi sinn, hei an de Plenum ze bréngen. Hei gëtt et eng Kommissioun, déi sech quasi nëmme mat der Ausféierung vum Budget kann ofginn.

Mir hunn do zwou Démarchen. Ech wëll de Kollegen, besonnesch dem Här Bettendorf, an Erënnerung ruffen, dass mer säit dem 1.

Januar 2000 eng Situatioun hunn, déi eng ganz aner ass wéi déi vu virun. Mir hunn e Kontabilitéitsgesetz, a sämtlech Parteien heibannen hu sech d'Wuert gi sech dorunner ze halen. Mir sinn eis mat der Bauteministesch, wéi mat anere Ministeren - mä et ass haaptsächlech mat der Bauteministesch, wou mer déi Diskussiounen do haten -, eens ginn op eng Prozedur, dat heescht e Bau. Dunn hate mer och gesot, dass mer nach eng Kéier doriwwer schwätze géifen, wéi et zu där Präisgestaltung vun deem Bau do kënnt. Dat ass awer elo mëttlerweil schonn iwwer e Joer hieer dass mer déi Diskussioun ugefaangen hunn an net zu enger Konklusioun komm sinn.

Mä iwwert dee Problem eraus, dass mer also zu engem gewësse Präis e Bau stëmmen oder gegebenenfalls eng Strooss, maache mer e Suivi vun der Exekutioun a mir kucken, ob et eventuell zu Dépassementer kënnt. Kënnt et zu Dépassementer an d'Ministesch gëtt sech mat hiren Administratiounen, haaptsächlech deenen zwou Administratiounen, Instrumenter fir dee Suivi ze maachen, da solle mer am Virfeld kloer am Parlament d'Autorisatioun dofir ginn.

Wann dat mat Zäite geschitt, Här Bettendorf, da braucht Dir lech och an Zukunft keng Suergen ze maachen, da ginn d'Handwerker bezuelt. Da gi se en toute légalité bezuelt, dat heescht da gi se bezuelt, well d'Parlament déi Autorisatioun zum Bezuele ginn huet.

Déi Prozedur hu mer eis ginn an do hat ech d'Impressioun, dass jiddereen domat d'accord war, soss huelen ech déi Motioun eraus, déi mer hei eestëmmeg gestëmmt hunn. Elo stamen awer eng Rei Projeten aus där Period vu virun deem neie Kontabilitéitsgesetz, déi eng gréisser Envergure hunn, also moi je veux bien. Wann Dir d'Impressioun hutt 120 Milliounen wieren näischt an déi sollen ausbezahlt ginn, ouni dass d'Chamber jee eng Autorisatioun dozou ginn huet, da musst Der dat soen.

Ech sinn awer der Meinung dass dat net de Fall ass, quitte dass et elo après coup ass wou mer esou eppes legaliséieren. Dat ass ebe well mer de Passage vun engem System an deen anere gemaach hunn. Domat kann ee säi Problem hunn. Ech sinn awer frou datt mer dee Wee ginn, och wa mer elo nach zwee, dräi, ech weess net wéi vill där Projeten hunn, wou mer wahrscheinlech Saache mussen opschaffe vu virun deem Kontabilitéitsgesetz, mä duerno dierft dat doten normalerweis net méi entstoen.

Normalerweis misst den zoustännege Minister all Kéiers an der Lag si mat deenen Instrumenter, déi hie sech ginn huet, de Suivi esou ze maachen, dass hie mat Zäiten heihinner kënnt, wann en Dépassement ass a wann et zu Dépassementer komm ass an hie kann dat valablement explizéieren, dann huet dës Chamber jo nach ëmmer hir Zoustëmmung dozou bruecht, an zwar op bal alleguer de Bänken. Ech gesinn also do kee Problem.

Mir gi vun engem System an den aneren, an an deem System gëtt et ebe wahrscheinlech e puer esou Projeten, wou ee sech d'Fro stellt ob et noutwenneg ass. Mir legaliséieren après coup eppes a mir hoffen an Zukunft nëmmen eppes brauchen ze legaliséieren, wat och duerno eréischt ausbezahlt gëtt. Ech fannen, dass dat e Progrès ass. Dofir eleng ass déi Kommissioun scho wichteg.

Merci, Dir Dammen an Dir Hären.

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Den Här Jean-Paul Rippinger huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Här President, ech sinn natierlech ganz frou aus dem Mond



vun dem Fraktiounscheef vun der Oppositoun ze héieren, dass dës Majoritéit sech nei Prozedure ginn huet, notamment dat nei Kontabilitéitsgesetz,...

**(Interruptions diverses)**

...notamment och nach hien als President agesat huet vun där zoustänneger Kommissioun, esou dass de Schlamassel, dee virdrun an dem Bauteministerium ënnert dem Här Goebbels geherrscht huet, net méi méiglech ass.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, ech wollt awer drop hiweisen, dass d'Basis...

**(Brouhaha général)**

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Oh neen!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här Henckes, wann Dir keng Zäit hutt, Dir dierft goen. Ech halen lech net zrëck.

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

Här President, ech wollt drop hiweisen, datt déi nei Prozeduren, déi déi nei Majoritéit sech ginn hätt, haaptsächlech an deem neie Kontabilitéitsgesetz bestinn. Ech wëll just drun erënneren, dass dat virun deene leschte Wahle gestëmmt ginn ass, also sinn et net just d'Prozedure vun der nei Majoritéit, mä och vun der aler Majoritéit, déi d'Schwächte vum System erkannt hat.

Merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Bauteministesche, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'alleréischte der Kommissioun an dem Rapporteur Néckel Strotz merci fir déi guut Aarbecht. De Rapport war explicite, dat heescht ech brauch net méi an den Detail vum Projet selwer anzegoen. Ech maachen awer selbstverständlech e puer Bemerkungen zum Prinzip.

Ech mengen emol éischstens muss mer entscheiden, ob et sech ëm eng Restauratioun oder ëm en Ausbau vun enger bestehender Schoul dréint, oder ob et sech ëm en Neibau dréint. Et ass natierlech beim Lycée technique des Arts et Métiers e komplexe Projet gewiescht, deen och évoluéiert huet, dat beweist schonn déi laang Zäit wou dru gebaut ginn ass, wou natierlech ëmmer nei Iddie komm sinn, wou och nei Problemer komm sinn, an ech wette mat lech datt heibanne kee Buergermeeschter ass, deen a senger Gemeng eng Restauratioun vun engem ale Gebai gemaach huet, ouni datt hie mat engem Devis supplémentaire huet misse bei sai Gemengerot goen.

**Une voix.**- Très bien, dat ass richtig.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Domadder huet hie sech ofgeséichert, domat ass hien an aller Legalitéit sécher, datt hie seng Majoritéit souwuel informéiert huet a sai Gemengerot hanneren sech huet. De Minister kann dat net oder konnt et net. Mir hunn elo Méttel a Weeër fonnt.

Ech hat sengerzäit als Chambers-presidentin scho virgeschloe mer sollten eng Prozedur „genehmigt zur Planung“ an d'Wee leeden, fir datt dann och de Bauteminister mat engem fäerdege Projet détaillé heihinner kënn kommen, da wiere mer emol méi no bei der Wourecht. Dat ass awer aus constitutionnelle Grënn net akzeptéiert ginn, well dat eng Genehmigung wier, wou kee Käschtepunkt mat dra wier. Elo si mer op enger Prozedur wou mer genehmen, an do sinn ech net mam Här Henckes d'accord, well wa mer géifen dat maache wat hie

proposéiert an en Avant-projet sommaire fir d'éischt stëmme loosse an dann e Projet définitif stëmme loosse, dann hätte mer nach eng Kéier eng legislativ Prozedur dertëscht a mir géifen nach net wëssen ob dat dann effektiv de richtege Käschtepunkt wier, well de richtege Käschtepunkt kënn jo eréischt eraus wann d'Soumissioun gelaf sinn, an heiansdo ass e meilëwäiten Ennerscheed tëscht engem Devis an enger Soumissioun.

Wat dëse Projet am Speziellen ugeet, do ass natierlech den Zäitpunkt, wéi den Här Scheuer dat genannt huet, Moutarde après diner. Et si véier Joer, déi tëscht dem Virleeë vun engem Gesetz an der Exekutioun leien, déi engem ze denke ginn. Ech muss allerdéngs soen: Och fir de Bauteministère ass et eng opwenneg Prozedur fir nees Projet de loi mussen auseschaffen, op den Instanzewee ze ginn an all déi Décomptes ze maachen. An esou vill Leit hu mer och net an deem Ministère an déi si voll op deene Projeten, déi se sollen ausschaffen. Dat sinn Architekten an déi hunn deemno bei där heiter Aarbecht vläicht net onbedéngt déi Prioritéit gesat, déi elo d'Chamber gefrot hätt, well eben déi aner Aarbechte virginn.

Mir komme souwisou net séier genuch no mat allen Aarbechten. Dat ass natierlech och en Element vun deene Projets de loi, déi mer musse virleeë fir eis conforme ze setze mat de Gesetzter vun der Chamber.

Dat sinn awer Prozeduren déi mer akzeptéieren, an ech géif dofir drëm bidden, dass mer eis an Zukunft drëm beméie bei de Programmer méi genee ze sinn a bei der Ausaarbechtung vun engem Programm, sief et fir en Neibau oder fir eng Restauratioun vun engem Albau, fir da vläicht méi Zäit drop ze verwende fir de Programm am Fong auszeschaffen.

Wat de Schoulbau ugeet, hu mer eis eng Prozedur ginn, déi mol eng Saach sécher stellt, dat heescht dass net ëmmer mat neien Iddien ugefaange gëtt an dass net ëmmer nees nei Wënsch während der Planungsphas un de Bauteminister eruedroe ginn. Selbstverständlech ass et fir d'Chamber wichtig, an ech kommen och dem Wonsch vun der Kommissioun no fir all Ännerung, déi um Programm virgeholl gëtt, der Chamber virzeleeën, mä ech muss leider soen, an deene Fäll wou ech elo mat Projets supplémentaires hu misse komme war emol d'Regierung net informéiert, well do sinn einfach Décisiounen a Programmännerunge geholl ginn zwëschenuewerch, kulant wéi dat fréier gemaach ginn ass, an dann hate mer duerno d'Beschierung. Dat ass dann en Devis supplémentaire ginn.

Ech hunn drop gehalen, dass an de Plan sectoriel an den Text expressiv verbis soll dra kommen, dass all Changement de programme muss vun der Regierung genehme ginn, an da kënn et selbstverständlech och an d'Chamber, well all Changement de programme ass jo meeschtens och e Changement vum Devis.

Ech gi mer also all Méi, Här President, well ech sinn der Meenung mir sinn an engem kleng Land, a grad an engem kleng Land soll et grouss Transparenz ginn. Ech hu keen Interessen drun, dass iergend ee Schiet op eiser Aarbechtsweis hänke bleift. Ech hunn näischt ze verstopen an ech gi mer Méi fir och der Chamber all déi Informatiounen ze ginn déi se brauch a fir och dobaussen der Öffentlechkeet d'Gefill ze ginn, dass mat de Steiergelder spuersam gehandhaabt gëtt an och jidderee riicht ze stoen huet fir dat wat en ausgëtt.

Dat gesot, soen ech natierlech der Chamber merci fir dës Rectificatioun, fir dës Opschaffung vun Altlasten. Ech hoffen, dass ech net allze dack nach mat deenen dote

Problemer muss virun d'Chamber zrëckkommen an dass mer eis da mat där nei Prozedur och kënnen esou bewege wéi de Bauteministère dat brauch, dat heescht à la fois flexibel an transparent bis op de leschte Frang.

Merci.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmme driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmme iwwert de virleiende Projet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5063 ass unanime mat 55 Jo-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Fred Sonnen), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Norbert Hauptert);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagner.*

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5017 iwwert zwee Verwaltungsgebaier fir déi europäesch Institutiounen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

**8. 5017 - Projet de loi relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Gesetz 5017, dat d'Chamber haut zur Diskussioun an och zum Vote virlei-

en huet, geet et ëm d'Locatioun an ëm eng Option d'achat vun zwee Gebaier um Kierchbiereg.

Et muss een dat alles am Kontext vun der Erweiterung vun der Europäescher Unioun gesinn, eng Erweiterung déi ëmmer méi no réckelt. Si stellt ouni Zweifel e weidere Baustee vun engem géeeenten Europa duer. Si ass historiesch, dat souwuel um Niveau vun der Enverger mat deem Zouwuess vun 105 Milliounen Awunner an enger flächeméisseg Vergrësserung vu 34%, wéi och um Niveau vun der kultureller Diversitéit vun deenen einzelnen Nationen.

Dës Vergrësserung vun der Europäescher Unioun werft selbstverständlech och hire Schiet op den EU-Standort Lëtzebuerg. Et ass aus deem Grond evident fir eist Land, dass mir d'EU-Institutiounen, déi mer hei hunn, un déi bevirtoend Eerausfuerderungen, souwuel um Niveau vun der Erweiterung upasse wéi och um Niveau vun der EU-Présidence 2005.

D'EU-Institutiounen hunn och schonn éischt Demandë virgueluecht, déi d'Regierung opfuerdere fir neien zousätzleche Büroraum zur Verfügung ze stellen. Dofir ass et net onwichtig an och aus sécherheetstechnesche Considérationen eraus sécher noutwendeg, dass dës Gebaier sech onmëttelbar an der Géigend vum Centre de conférences befinne sollen.

Déi europäesch Autoritéite sinn awer momentan net an der Lag fir ze soen, ob se dës Gebaier selwer kafe wëllen oder selwer loune wëllen. Aus deem Grond ass et dofir noutwendeg, dass de Lëtzebuerger Stat als Intermédiaire zwëscht dem private Promoteur an dem Europaparlament fungéiert.

Déi Gebaier, ëm déi et sech an der Saach dréint, sinn déi zwee Bâtiments-tour, déi alle béid 19 Stäck héich sinn a béidsäiteg vun der Avenue John F. Kennedy sech befinnen. Si befinne sech onmëttelbar bei der Place de l'Europe mam Centre de conférences a mat der Salle philharmonique Grande-Duchesse Joséphine Charlotte.

D'Europäesch Parlament wëllt dës zwee Gebaier, déi eng gesamt Nutzungsfläch vu 34.166 m² fir d'Büroen an 6.275 m² fir Archiver an technesch Equipementer hunn, gäre lounen. Als Kontenpartie dofir wëllt d'Europäesch Parlament dann de Bâtiment Alcide de Gasperi raumen. Et ass wichtig, dass dës Gebai esou séier wéi méiglech fräi gëtt, fir dass d'Renovierungsaarbechten an den Ausbau vum Centre de conférences esou schnell wéi méiglech ofgeschloss kënnen ginn. Dat Ganzt ass och am Intérêt vun der Regierung déi, wéi gesot, 2005 d'Présidence vun der EU assuméiere muss, an dofir d'Bauaarbechten esou séier wéi méiglech och fäerdeg stelle muss.

Wat de finanziellen Aspekt ubelaangt, esou muss ee festhalen, dass esouwuel de Loyer wéi och den Akafspräis vun deenen zwee Gebaier déi gesetzlech fixéiert Limite aus dem Artikel 99 vun der Constitutioun an dem Artikel 80 vum Kontabilitéitsgesetz iwwerschreiden. De järeliche Loyer, deen, muss ee soen, relativ héich ass, beleeft sech op ronn 13,25 Milliounen Euro, Loyer, deen iwwer e Kredit vum Finanzministère bezuelt gëtt.

D'Regierung ass doriwwer eraus duerch dës Gesetz awer och habilitéiert dës Gebaier ze kafen. Am Fall vu Kaf vun de Gebaier lafen d'Käschten iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs. En vue vun deem awer héije Loyerspräis ass et wichtig, dass eng Option d'achat besteet, eng Option d'achat déi och am Contrat de bail festgehalten ass. De méigleche Kafspräis ass och scho fixéiert. D'Tour A kascht entweder 81,5 Milliounen oder 79,2 Milliounen Euro, jee nodeems ob de Stat d'Option d'achat no sechs Joer

oder no néng Joer Locatioun benotzt. 91 oder 82,5 Milliounen ass de Kafspräis no zwee, respektiv no néng Joer Locatioun fir d'Tour B.

D'Finanzkommissioun ass ausserdeem der Meenung, dass et wichtig an och richtig wier, nodeems d'Regierung décidéiert hätt fir déi Gebaier ze kafen, dass dës Projet och an de Programme pluriannuel géif integréiert ginn.

Här President, de Projet ass den 23. August. 2002 vum Budgetsminister Luc Frieden an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 8. Oktober ofginn. An der Sëtzung vum 24. Oktober ass de Rapporteur genannt ginn. De Projet de loi mam Avis vum Conseil d'Etat ass an der Sëtzung vum 19. Oktober analyséiert ginn. D'Kommissioun huet sech mat deene verschiddenen textuellen Ännerungsvirschlëi vum Statsrot d'accord erkläert.

D'Kommissioun huet en Amendement fir den Artikel 2 adoptéiert, dee vum Statsrot a sengem Avis complémentaire de 14. Januar 2003 guttgeheescht gouf. De schrëftleche Rapport ass an der Sëtzung vum 7. Februar analyséiert an och ugeholl ginn.

Ech wollt nach kuerz op den Artikel 2 vum Gesetzesprojet agoen, deen a senger initialer Form dem Conseil d'Etat net explizit genuch war, wat eng eventuell Adaptatioun vum Loyer ubelaangt. D'Kommissioun huet dës Observatioun vum Statsrot Rechnung gedroen an den Text deementspreechend och amendéiert.

D'Kommissioun hat och d'Geleeënheet, fir mat Verrieder aus dem Ausseministère iwwert d'EU-Sëtzproblematik ze diskutéieren. De Comité de Coordination aus dem Ausseministère huet op den Ennerscheed tëscht den EU-Institutiounen, déi hire Sëtz d'office zu Lëtzebuerg hunn, an de communautairen Agencen, déi zu Lëtzebuerg usäseg sinn, opmierksam gemaach. Eng ganz Rei vu Memberstate beméie sech intensiv drëm déi sougenannten Agencen an hir Länner ze kréien. No den Aussoen awer vum Comité de Coordination kann et duerchaus méiglech sinn, datt an de kommen-de Jore méi Personnel communautaire op Lëtzebuerg kënn. Doriwwer eraus ass preziséiert ginn, datt Lëtzebuerg drëm beméit ass fir datt keng Sessiouen vum Conseil op Bréssel transferéiert muss ginn, och wann am Moment äifreg un deene verschiddene Gebaier um Kierchbiereg geschafft gëtt. Zu deem Zweck also, fir datt keng Sessiouen op Bréssel transferéiert muss ginn, sinn an de Foireshale provisoersch Infrastrukture virgesinn, fir e reibungslosen Oflaf vun de Conseilen ze garantéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet huet u sech zu kenge grësseren Observatiounen an der Finanzkommissioun gefouert. Ech bidden dofir d'Chamber de Gesetzestext esou ze stëmme wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass. Mam Accord vun der CSV-Fraktioun schléissen ech da meng Interventioun a soen all de Kolleeginnen a Kolleegen, déi hei waren, merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, dësse Projet schreift sech an de Kader vun der Lëtzebuerger Sëtzpolitik fir europäesch Institutiounen an. Wann een an den Detail dovunner kucke geet, da mierkt ee munch Inkoherenzen a munch Onklarheeten.

De virleiende Projet huet jo dann, dat ass ons vum Här Rapporteur Clement gesot ginn, als Objektiv, datt de Lëtzebuerger Stat fir d'Europaparlament zwee Tierm un der